

# WANDROUS

N° 360 Broochmount / Heemount / Hierschtmount 2016  
Juni / Juli / September 2016



Kënnnt 5 mol pro Joër eraus  
Abonnement 25,00 Euro  
CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000  
Chefredakter: Patrick Jénin (Fennec)  
Verantwortlech vir Drock an Verschécken: LBB  
E-Mail: [wandrous@lionsbleus.lu](mailto:wandrous@lionsbleus.lu)  
Tel: 49 50 51



Lies d'Wandrous da bass du ëmmer up to date!!!

# Wandrous Publicitéit

Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?\*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!



Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!



Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!



Paulinstrasse 25



D-54292 Trier



THERMA-REST



patagonia



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!

Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!


Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!

Paulinstrasse 25

D-54292 Trier

d'LIONS BLEUS  
kaafen beim  
VIKING-ADVENTURES!

\* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!  
an zum Schluss vum Joer kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!



[www.viking-adventures.de](http://www.viking-adventures.de)

# Les amis des Lions Bleus

## Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwver deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiånsdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiånsdo eng Grimmelmancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeér gaang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do worn di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach émmer Cheffen do, di sech ém Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home énnerhal, gebotzt, vergriessert gin ass an nach émmer gebotzt an énnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joér vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



### Dann zéck nüt an gëff elo direkt Member vun den “AMIS DES LIONS BLEUS”

# ? VIRWAAT ?

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer allegueren mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'Amis des Lions Bleus sin Leit di nüt wellen, nüt kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëlfelen: duerch en regelméisseggen Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joér zesummen kënnnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joér op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir énnerstez och DU ons, wann ech gelift,  
mat engem “ordre permanent”\*  
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros\*\* pro Mount  
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000  
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

\* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ênnen an Uéwen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech fréen mir ons iwvert en émolegen oder regelméisseggen Don!

\*\* Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprétz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlich d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach émmer mat Fréd dobái!

**Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!**

# SORTIE

fir d'Wöllefcher(LX)

Huest du Loscht e flotten Daag an der Natur ze verbrèngen ?

EMOL ganz AANESCHTERS, huhuuuuuuu .....

Wèi geet daat dann ???

Ma ganz einfach --- komm mat eis op the SORTIE !!!

Mir besichen d`Fest vun der Natur, wou ét iwwer 60 verschidden Stänn ginn dèi mir eis ukucken wärten.

Dir krit do Saachen iwwert eis Emwelt gezielt  
& kënnt och selwer matmaachen :)

Wéini:

19.06.2016



Rendez-Vous: Sonndes, den 19.06.16 um 10:00 op der Kockelscheuer

Retour: Sonndes, den 19.06.16 um 15:00 op der Kockelscheuer

Präiss: GRATIS

Souche: ass oofzeginn bis spéitstens den 30.05.2016 !!!

Wat's du brauchs: Déck Schong, dem Wieder ugepasste Kleeder, däin Foulard, 5 Saachen vum Wöllefchen, Waasser(1l) fir ze drénken, Pic-nic ...



Heimat erlaaben ech .....



méngem Kand.....  
den 19.06.2016 op d`Sortie matzegoen.

Ënnerschrëft .....



# Grillen an der Groussgaass

Flyer

•••••••••  
**22th June 2016**  
**National Day's Eve**  
•••••••••••

**Mettwirscht**

op echtem  
**Holzgril**



**Boucherie  
@Kaiffer**

**Lions-Linger**

**ab 18.00**

**bei der Metzlerei Kaiffer**

77, Grand Rue L-1661 Letzebuerg

**an der Groussgaass**

# Souche Faakelzuch Souche Faakelzuch



# FAAKEL-ZUCH 2016

Wéi all Joér's sinn mir um Fiirowend vum Nationaldeiderdag um Faakelzuch vertrueden.

Mit treffen ons Mëttwochs, den 22.Juni

**!!! ÄNNERUNG !!!**

**20:30 Auer**

bei der Metzlerei Kaiffer op 77, Grand Rue  
L-1661 Létzebuerg



Waat brauch de Beaver, de Wöllefchen, de Scout, d'Guide, den Explorer, de Rover,  
d'Amicale an natürlech nêt ze vergiessen eis léif Comitésmemberen???

**RICHTEG ! eng TIP TOP Uniform, also:  
donkelblo Box  
mat Uniformshiem, Foulard  
Lions Bleus - Sweatshirt an eng LBB-Kaap**

**OPGEPASST:** Daat ganzt huët och en Enn !  
An deen fënnt sëch erëm bei der Metzlerei Kaiffer um 23:00 Auer

**D'Souche ass bis spéitstens den 11/06/2016 bei dèngem Chef oofzeginn !!!**

**Wéi all Joér's sinn d'Lions Bleus och mat hierem Grillstand do vertrueden !!!**



Jo ech.....

ginn och dëst Joér 2016 mat op de Faakelzuch.  
an ech sinn mat Zäiten an tiptoper Uniform um Rendez-vous



ElterenEnnerschrëft

# LEIWEFEST Souche Menu LF Menu

# TRADITIONELLT LEIWEFEST

## 2. JULI 2016

# menu.

# \*Révélations Africaines\*

## \*Couscous/Gemèis\*

mat Poulet an/oder Merguez

# Suidafrikaanse Melktaart

The logo features a large, dark silhouette of the continent of Africa on the left, with the word "AFRIKA" written vertically in white across it. To the right, the text "Start: 18h30 belm Home LB6" is displayed in a bold, black, sans-serif font. In the background, there is a faint, stylized illustration of a traditional East African oil lamp (mkoko) with a flame.

**Preiss:** 20 Euro

**15 Euro** (eöppen 18 Joër = Koppermeju)

ze iwwerweisen op den Compte Les Lions Bleus - Rover : LU22 1111 7017 2426 0000 mat der Mention "Lf+familien-numm" an d'Souchen sinn bis den 25.Juni 2016 oofzeggen.

Heimadder mellen ech \_\_\_\_\_ fir d'Léiwefest'16 (2/07/2016) \_\_\_\_\_ Leit  
un an huelen folgend Menu'ën:

- Menu 1** (Apéritif, Entrée, Couscous/Gemèis mat 2 Merguez'en, Dessert)(20€)
  - Menu 2** (Apéritif, Entrée, Couscous/Geméis mat 2 Poulet, Dessert)(20€)
  - Menu 3** (Apéritif, Entrée, Couscous/Geméis mat 1 Merguez & 1 Poulet, Dessert)(20€)
  - Menu VEGGIE** (Apéritif, Entrée, Couscous mat Gemèis, Dessert)(20€)
  - Kannermenu** (Apéritif enfant, Couscous mat 1-2 Thüringer, Dessert)(15€)

## Önnerschrëft:

# LEIWEFEST Souche

LF Souche

Am Joërl 2016 no Christus huet sech e forskerteam op de Wee gemaach fir an Afrika am der déiwer Selzschtsavanne no engem Stamm ze sichen, déi een soss just vun Legende kennt. Sie heieren e an richeen destegt lessen. No iwwerleeën maachen Sie mysteriéiser Saach op fanne den Stamm vun Léiwen ...



Fir dat mir fir Owes alles virbereed kréien an nach eemol üben kënnen, sollen d'Beaver, d'Wellef, d'Scouten, d'Explorer an d'Rover schon éischter kommen!

## OPGEPASST!

All Kand, daat um **Léiwefest** deelhëllt, muss och op der **Souche** mam **Menu** agedroen sinn an lessen bestallt hunn...

### Woot muss du alles wëssen?

- De Rendez-Vous fir Explorer, Rover & Cheffen ass den 2.Juli 2016 um 8Auer beim Home LBB zu Bouneweg fir opzeriichten.
- De Rendez-Vous fir Beaver, Wellef & Scouten ass den 2.Juli 2016 um 16Auer beim Home LBB zu Bouneweg fir ze prouwen.
- Hues du eng flott Afrika-Verkleedung? Dann kanns du déi gären undinn fir deen Daag!

### UMELLEN

>>> kanns du dëch bei dèngen Cheffen mat dëser Souche bis de 25.Juni 2016 !!!

Souche:Souche:Souche:Souche:Souche:Souche:Souche:Souche:Souche:Souche:Souche:Souche:


Heimadder mellen ech \_\_\_\_\_ mäin Beaver / Wellefchen / Scout /  
Guide / Explorer / Rover fir d'Léiwefest 2016 (2/7/2016) un.

Ennerschrëft: \_\_\_\_\_

# Pow-Wow 2016

Ganze Groupe

De groussen Vikingerhaeuptling inviteert op eng grouss Versammlung vun all de Wikingerstaemm aus der Geigend. Io, och mir, de Stamm vun de bloen Leiwen maachen sech am Juli op de Wee vir deser Versammlung beizewunnen. Also schlaift aer Aaxten, botzt aere Kelch mat Met, huelt aer Rudderen raus an botzt aeren Haarenhelm. Well mir fueren mam Scheff! Mellt ierch



**Départ:**

Sonndes, den **10. Juli 2016 um 8.30 Auer** op der Gare Centrale de Luxembourg

**Retour:**

Sonndes, den **10. Juli 2016 um 17.30 Auer** op der Gare Centrale du Luxembourg.

**Präiss:**

**12 Euro** sin ze iwwerweisen bis spéitstens den 20. Juni 2016 op de Compte: Les Lions Bleus-Rover ([CCPL IBAN LU22 1111 7017 2426 0000](#)) mat der Mentioun "PowWow16+Numm vum Kand". No desem Délai muss een 15 Euro bezuelen...

**Material:**

**Wikingerverkleedung**, Biergschong, en klengen Rucksack mat Gamelle, Kichenduch, Bidon, Sonnecreme, K-Way, Kaap, 1 Rouden Ticket/Jumbokaart, ...

**Souche:**

Ass bis den 18. Juni 2016 oofzeginn bei dengen Cheffen..



Heimat erlaaben ech \_\_\_\_\_ mengem Beaver/Wellef/Scout/Explorer dem \_\_\_\_\_ um Pow-Wow 2016 den 10. Juli 2016

deelzehuelen an iwwerweisen den Montant am Délai.

Ech well de Veggie Menü: IO / NEE (wgl emkreesen)



Ënnerschrëft \_\_\_\_\_

# Batavia 2016

# Summercamp 2016

## Et wor eemol am Summer...

do hun sech 90 couragéiert Pionéier zesummen op engem Schéff getraff vir zesummen op en Abenteur ze goen. Mat engem grousse Schéff sinn sie opgebrach vir an engem onbekannte Land daat se bis elo nemmen aus Legende kannt hunn. Voller Hoffnung segelen sie mat allem waat sie hei gehaalen huet fort an hoffen an deem neie Land Batavia en neit Liewen unzefänken an hier nei Zivilatioun opzebauen...



## Glaich ass et souwalt...

D'Busse si reserveert, d'Campplaatz ass geméit an d'Foularden si bestallt. Mir gin elo an déi lescht Ligne Droite virum Départ an eist neit Duerf Batavia!

Hei dann déi lescht **wichteg Infos** déis du nach brauchs vir de Camp perfekt de maachen!

### Départ

Den **23. Juli 2016 um 6 Auer moies** um P&R Howald geet et lass. Rendez-Vous ass an Tip-Toper Uniform.

Du brauchs hei dain **grousse Rucksack** an e **klenge Rucksack** mat denge perséinlechen Saachen an **Pic-Nic** vir Samsdes Mëttes.

### Retour

Den **6. August 2016 géint 23 Auer** op der selweschter Plaatz. Mir deelen den Daach selwer déi genee Auerzait mat.

### Dossier Médical

Ass oofzegin bei denge Cheffen bis den **30. Juni 2016**.

**WICHTEG: D'Autorisation Parentale sollt op folgend Nimm ausgestallt gin:**  
**Lex Schmitt, Tom Leclerc & Chris Backes**

### Prais ?

**350 Euro** kascht de Camp!

- 1. Acompte (non remboursable) vun 100 Euro (Délai: 20/1/2016)
- 2. Acompte vun 150 Euro (Délai: 20/5/2016)

#### **3. Acompte vun 100 Euro (Délai: 1/7/2016)**

sin ze iwwerweisen op de Compte Les Lions Bleus Rover  
(CCPL LU22 1111 7017 2426 0000) mat der Mentioun  
"Batavia16\_NummVumParticipant\_Acompte"X"

### Wee geet mat?

FrischDanieVina  
ndyLianaCahenSi  
nnerAmélieDren  
nanPatrickMajeru  
sKettyJungLioLet  
ellierMichelSchm  
itSamReinersChr  
istopheMajerusM  
axReiffFelixVinan  
dyJustinPironAle  
ksisFlammang  
RaphaelMaceEric  
TahrTimoreFlam  
mangAdrienHein  
enSendelCatherin  
eEnglebertLaraL  
orangMikaAtraEn  
gage

### Preparatiounssortie

Vir dass och alles um Camp klappt, Jidderee wees, wéi een e Brelage mësch, wéivill Piquet'en zu wéiengem Zelt gehéieren an wéieng Messeren ee vir waat benotzt, gesi mir eis vir eemol alles zesummen duerchzekucken. Dëst ass obligatoresch vir Jiddereen dee matgeet!

**Wéini?** Sonndes, den **17. Juli 2016 um 9,00** Auer am Home LBB

**Schluss?** Sonndes, den **17. Juli 2016 um 16,00** Auer am Home LBB

**Material?** Bidon, Gamelle, Kichenduch, Täschemesser... alles an engem klenge Rucksack.

**Umellen?** Mat dëser Souche bis den 10. Juli 2016



Ech \_\_\_\_\_ mellen mech un vir d'Batavia-Preparatiounssortie,  
den 17/07/2016 am Home LBB.



Ennerschreft vun den Elteren: \_\_\_\_\_

# Gruppenversammlung ganzen Grupp

## Un all Lieser,

Bei senger leschte Missioune  
ass den James Bond, deen hei géint d'Mafia  
gekämpft huet, net méi zereck komm. All Spuer  
no him ass am Sand verlaaf an den ganze  
Geheimdengscht ass machtlos.

Déi aaner Agenten kënnen och net méi vill maachen...  
Den 001 an den 002 sin an de Flitterwochen, den 003 huet d'Bee  
gebrach no enger Verfolgungsjuegd mat de Ski, den 004 an den  
005 sin an der Pensioun an den 006 ass bei d'Feinden  
iwwergelaaf.

Elo muss den "M", Chef vun de Geheimagenten e Plang B  
sichen... An zwar graift hien op d'Agentenschüler zereck, déi  
amgaangen sinn hier Ausbildung ze maachen. En  
ausgeklügelten Asaatzplang ass och vum "Q" entwickelt gin  
vir bei enger halsbriecherecher an adrenalinraicher  
Operatioun den 007 ze fannen an ze befreien.

Also zukünftegen Agent? Wélls du dem James  
Bond héllefen?

Dës Noricht wärt sech den 17. September selwer zerstéieren...

Ufank?

Den **17.September 2016 um 1400** an der Staat bei der Gëlle Fraa um Parking an **tip-toper Uniform**  
an fest Schong.

Material?

Dem Wieder ugepasste Kleeder an e klenge Rucksack mat engem Bic, Bloc, Bidon mat Waasser &  
alles waat een als GeheimAgentenAuszubildender alles dobai muss hun.

Schluss?

Den **17.September 2016 um 1700** an der Staat bei der Gëlle Fraa um Parking.

Souche?

Ass oofzegin bei dènge Cheffen bis den **14.September 2016**.

Prais?

**007™**

007 007 007 007 007 007 007 007 007 007 007 007 007 007 007 007 007 007

Ech \_\_\_\_\_ erlaaben mengem  
Beaver / Wöllefchen / Scout / Guide / Explorer / Rover

un der Gruppenversammlung, den 17/09/2016 deelzehuelen.

Ennerschreft: \_\_\_\_\_



# Souche Montée

BV, LX, SG, EX



En neit Scoutsjoer fänkt un.  
Et gët grouss Beaver, Wöllef an Scouten,  
dèi den nächsten Schrëtt op hierem  
Scoutswee maachen. Sou gët aus engem  
grouussen Beaver e klengen Wöllefchen,  
aus engem grouussen Wöllefchen en  
klengen Scout an aus engem grouussen  
Scout en klengen Explorer.



Mell dëch sèier un, dats du och dobai  
bass fir en flotten Weekend mat ze  
erliewen.

**Wèini:** 1.-2. Oktober 2016

**Wou:** beim Home Lions Bleus

**Rendez-Vous:** 1. Oktober 2016 um 14h00 beim Home

**Retour:** fir Beaver:  
fir de Rescht: 1. Oktober 2016 um 18h00 beim Home  
2. Oktober 2016 um 15h00 beim Home

**Präiss:** 20,00 €, bis den 24. September 2016 op den Compte vun **Les Lions Bleus**  
**a.s.b.l. - Rover (CCPL IBAN LU22 1111 7017 2426 0000)** ze iwwerweisen,  
mat der Mentioun: **Montée2016 + Numm vum Participant.**  
Beaver brauchen näischt ze bezuelen, **ausser dèi Beaver dèi d'Montée  
maachen, mussen 20,00 € bezuelen.**

**Souche:** Ass ebenfalls bis den 24. September 2016 bei dëngem Chef oofzeginn.

**Waat brauchs du alles:** Uniform, Schloofsaack + Carrymatt, Täschenluucht + Täschenmesser,  
Bidon, Ersatzkleeder, Wäschsaachen, Biergschong, Jumbo fir d'Scouten

d'Cheffenéquipe

Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche



Ech ..... erlaaben  
mengem Beaver/Wöllefchen/Scout/Guide/Explorer

.....  
un der Montée 2016 vum 1.-2. Oktober 2016  
zu Bouneweg deelzehuelen.



.....  
Ënnerschrëft vun den Elteren

# Souche Viiz-Weekend vir SG/EX/RO



An der Hoffnung dass mir dëst Joér méi Aeppel hun, maache mir erem en Viiz-Weekend. Samsdes gesi mir eis moies fréi ier d'Sonn opgeet am Home vir dann zeusmmen duerch onst

Ländchen ze fueren, op der Sich no deene schéinsten an beschten Aeppel. Se gin geraaf an gepleckt, d'Beem gi gereselt an geheemelt. Sonndes dann gin d'Aeppel raséiert, gewäsch, geschnidden, gehäckstelt, gekeltert, gesteriliseert, gedronk an giess.

Looss dir dee Gaumenschmauss net entgoen.



**RENDEZ-VOUS:** Den 15. Oktober 2016 um 8,30 Auer beim Home LBB.

**RETOUR:** Den 16. Oktober 2016 ab 16,30 Auer beim Home LBB.  
Ab 15,00 Auer sin d'Elteren herzlechst op e Patt frëschgepresste Viiz an e Steck Aeppelkuch agelueden.

**PRAIS:** 20 Euro sin bis den 4. Oktober 2016 ze iwwerweisen op de Compte CCPL Les Lions Bleus - Rover (LU22 1111 7017 2426 0000)

**SOUCHE:** Ass oofzeginn bis den 8. Oktober 2016 bei denge Cheffen.

**MATERIAL:** dem Wieder ugepasste Kleeder, Gamelle, Besteck, Becher, Isoléiermatt, Schlofsaack, Schlappen, fest Schong, Wäschsaachen, Schaffhännchen, ...



Onofhängeg opsdú mat um Viizweekend dobai bass, invitéieren mir dech, deng Famill an Frënn härzlech op eis Äppelstuff, den 16 Oktober 2016 ze kommen an mat eis zesummen en Steck Kuch ze iessen oder e Glas Viiz ze drenken.

Umellen kanns du dech och mat deser Souche!



Ech \_\_\_\_\_

- ginn gären mat op den **Viizweekend 2016** vum 15.-16.Oktoper 2016.
- mellen mech un fir d'**Aeppelstuff** den **16.Oktoper** & mir kommen mat \_\_\_\_\_ Leit.

(Ennerschreft vun den Elteren)

# Programm Beaver

BV - Programm

## Juni

04.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
11.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
18.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
25.	BeaverVersammlung	14:00-16:00

## Juli

02.	LÉIWEN-FEST
09.	keng Versammlung
10.	POW-WOW



VAKANZ >> 16.07.2016 - 14.09.2016

## September

17.	GruppenVersammlung	14:00-17:00
24.	BeaverVersammlung	14:00-16:00

## Oktober

01.-02.	MONTEE	
08.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
15.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
22.	BeaverVersammlung	14:00-16:00
29.	keng Versammlung (Vakanz)	



## Beaverklack

Tic-Tac,GriGri,Foxy,Elsa,Joly,Spitzky

# Programm Wöllef

LX - Programm

## JUNI

04.	Versammlung	14:00-16:00
11.	Versammlung	14:00-16:00
18.	keng Versammlung	
19.	LX Sortie op Fest vun der Natur (Sonndes !!!)	
22.	FAAKELZUCH & LB Grillstand	
25.	Versammlung	14:00-16:00

## JULI

02.	LÉIWEN-FEST
10.	POW-WOW zu Diddelèng



## AUGUST

16.07 - 15.09 Summervakanz !!!!!!

## SEPTEMBER

17.09	Gruppenversammlung	14:00-17:00
24.	Versammlung	14:00-16:00

## OKTOBER

01. -02.	Montée	
08.	Versammlung	14:00-16:00
15.	Versammlung	14:00-16:00
16.	Viizstuff	
22.	Versammlung	14:00-16:00
29.	Vakanz !!!!!	



## Lènks Patt

Fennec, Bagheera, Kaa, Raschka, Tschill

# Programm Scouting SG - Programm

## JUNI

- |     |                                |                                       |
|-----|--------------------------------|---------------------------------------|
| 04. | Truppenversammlung             | 14:00-16:00                           |
| 11. | NEPAL-Versammlung              | 10:00-16:00<br>(am Home 'Les Aigles') |
| 18. | Patrullenversammlung           | 14:00-16:00                           |
| 22. | FAACKELZUCH                    |                                       |
|     | & LBB Grillstand vun 18Auer un |                                       |
| 25. | Truppenversammlung             | 14:00-16:00                           |

## JULI

- |          |                                 |
|----------|---------------------------------|
| 02.      | LÈIWEN-FEST                     |
| 10.      | POW-WOW bei den Grèngen Scouten |
| 23.-6.08 | BATAVIA (Summercamp an Holland) |

**Mir wënschen Ierch Alleguerteren eng  
wonnferschèin Summervakanz an  
gesinn eis nees gesond & monter  
zerèck am September :)**



## SEPTEMBER

- |     |                    |             |
|-----|--------------------|-------------|
| 17. | Gruppenversammlung | 14:00-17:00 |
| 24. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |

## OKTOBER

- |         |                                  |             |
|---------|----------------------------------|-------------|
| 01.-02. | MONTÉE                           |             |
| 08.     | Truppenversammlung               | 14:00-16:00 |
| 15.-16. | VIIZWEEKEND & ÄPPELSTUFF Sonndes |             |
| 22.     | Patrullenversammlung             | 14:00-16:00 |
| 29.     | keng Versammlung (Vakanz)        |             |



**Lenks Patt  
Soa & Sam & Tamia**

# Programm Explorer

## EX-Programm

### Juni

04.06.16	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home LBB
11.06.16	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home LBB
18.06.16	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home LBB
22.06.16	FAACKELZUCH		
25.06.16	Uniteitsversammlung	14-16 Auer	am Home LBB

### Juli

02.07.16	LÈIWENFEST		
09.07.16	keng Versammlung		
10.07.16	POW-WOW		
23.07-06.08	BATAVIA - Summercamp an Holland		

### **SUMMERVERAKANZ vum 16/07/2016 - 14/09/2016**


Genësst är Vakanz, erlieft flottes ...  
fir dat mer eis vill ze verzielen hun am September

### September

17.09.16	GRUPPENVERSAMMLUNG	14-17 Auer	an der Staat
24.09.16	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home LBB

### Oktober

01.-02.10.16	MONTEE		
08.10.16	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home LBB
15.-16.10.16	VIIZ-WEEKEND & ÄPPELSTUFF		
22.10.16	Explorerversammlung	14-16 Auer	am Home LBB
29.10.16	keng Versammlung (Vakanz)		



# EXPLORER



Fir d'Unitéit: Tameng/Grizzly/2ric/1ric

# Programm Rover

## RO-Programm

22.06.2016	Faackelzuch & LBB Grillstand
02.07.2016	FNL Rover Volleyball bei den WS
10.07.2016	FNL Pow-Wow (bei den GS zu Diddelèng am Thema Wikinger)
16.07-23.08.2016	FNL Nepal-Camp
15.07.2016	Unmelldefrist fir den MOOT 2017 an Island

# RAPPORT OuschterWeekEnd

Meute

Samstes um 9:00 Moies hunn sech dei 8 couragéiert Wellefcher mat den Hexen op der Gare getraff, fir sech op de Wee fir op d'Eecherfeld ze machen, wou d'Bibliothéiks Hex op sie gewart huet. Wou sie ukomm sin goufen se van hier empfangen an kruten de ganzen Problem erklärt. D'Trollen haten nämlech dat grousst aalt Zauberbuch mat all den Formelen dran aus der Bibliothek geklaut! An ausgerechent zu der Zait wou all d'Hexen beschäftegt waren fir alles virzebereeden fir den groussen Kongress. Aus desem Grond missten eis Wellef den Hexen onbedengt hellefen d'Buch eremzefannen.

Als aller eischt sin d'Wellef sech dann installeire gang an kruten dono hiren eischten Zaubertrank ze schmaachen. Gutt gestärkt hun mir dunn e Spill gemaach an dem mir alleguer een Zaubernumm kruten. Firum iessen hun sie sech nach all een Zauberstab gebastelt an dono ass et weider gang mat drai verschiddenen Atelier'en mat Mutproben, Zauberschreft an Zaubertränk.

D'OWESIessen war dunn Gromperegratin an nom lessen an de Chargen sinn mir rausgangen fir d'Nuetsspill. Beim Nuetsspill ass et drems gangen zesummen 50 Knicklichter an de Bësch sichen ze gien ouni vum Troll erweschzt ze ginn. D' Wellef hun dat gutt gemeeschert. Als Ofschloss hun mer eis nach ronderem d'Feier gesaat an drai Wellef hire Foulard iwerreecht.

Den zweete Moien hunn mer ugefang mat botzen an Rucksack paacken fir d'Home kennen ze verlossen fir eis lescht Missioun. Mat Hellef vun geheimen Messagen konnte mir de Wee bis bei eng Höhl fannen wou d'Zauberbuch verstoppt war. Zweschenduerch hun mir nach am Bësch picknickt. Nodeems mir d'Buch fonnt haten hun mer eis op de Reckwee gemaach fir der Bibliothekshex d'Buch zerek ze ginn. Um 16:00 waren dunn och schon d'Elteren an mir hun de Weekend mat engem klengen Meckercarré an enger Chaine des Adieux oofgeschloss.

## RASCHKA



# RAPPORT OuschterWeekEnd

Meute



# RAPPORT Sixer Weekend Meute

17.04.2016

Sonndes moies géint 9.30 haten d'Wellefcher mat eis Cheffen um Glacis Rendez-Vous, fir e flotten Daach mateneen am Cader vum Explo ze verbréngen. Soubal mir alleguer agetraff waren, sinn mir an 1 vun deenen 2 Busser geklomme, déi eis op Mamer feieren sollten. Fir d'éischt ass de Bus awer nach zu Strossen beim Home laanscht gefuer, fir eis zwee Sixer, déi d'Nuecht do verbreucht haten, ofzehuelen. Soubal si an déi aner Sixer sech am Bus niddergelooss haten, ass et dunn weider op Mamer gang.

Dohannen ukomm, kruten d'Kaa, d'Rashka an de Bagheera e Posten op där Aart Kiermes zougedeelt an ech, d'Tschill, sollt d'Wellefcher um Wee begleeden. Dofir krut ech eng Kaart, wou déi verschidden Posten agezeechent waren an en Froebou, deen d'Wellef am Laf vum Moien ausfëllen sollten.

Fir d'éischt kruten d'Wellefcher den Oflaf vum Daach erkläert, énnert anerem, dass si sech virun 13.00 Auer bei der Drëps presentéieren missten, fir de Froebou oofzegin an dass de Posten Nummer 6 obligatoresch wier, déi aner fräiwëlleger.

De ganzen Explo stoung énnert dem Thema „Superjhemp“ an d Aufgab vun de Wellef war et dësen erëm ze fannen well hien entféiert gouf.

An dunn konnt et och schonn lass goen. Well mir eng vun deenen leschten Grouppen waren, déi gestart sinn, waren d'Posten am Ufank vun der Kiermes, dei um ganzen Plateau verdeelt waren, schonn all besat an dofir missten mir e Stéck méi weit trëppelen bis mir un engem Spill deelhueulen konnten.

D'Wellef haten vill Spaass bei deenen eenzelen Spiller zum Beispill ganz besonnesch bei engem wou si eng mënschlech Pyramid „bauen“ missten. Bei engem aneren hunn si missen Käerzen mat enger Waasserpistoul ausmaachen oder Feier mat enger Lupp entfachen. Beim Posten 6 krut all Groupe e Bild mat enger énnerschiddlecher Zoutat déi een fir d' Zoubereeden vum originalen Lëtzebuerger Kachkéis brauch.

Géint 12 Auer hunn mir eis op d'Wiss gesat, an eisen Picknick genoss.

Während deem hunn d'Wellefcher den éischten Deel vun hirem Froebou ausgefëllt. Allerdéngs missten mir eis schonn geschwënn op de Wee erof bei d' Drëps maachen, well mir de Froebou jo virun 13 Auer ofginn sollten. Dohannen ukomm hunn d'Wellefcher nach de Rescht vun de Froen beäntwert an no laangen Diskussiounen, wat dann elo déi richteg Entfuert wier, hunn se dunn och d'Blat ofginn.

Mir hunn eis also erëm op de Wee erop gemaach, fir déi restlech Spiller och nach kennen ze maachen.

Gutt 2 Stonnen spéider waren all d'Grouppen erëm bei der Drëps versammelt, wou d'Rezept fir de Kachkéis, mat de Biller vun de Wellefcher, zesummen gestallt gouf an de Superjhemp doduerch konnt befreit ginn. Schlussendlech sinn all d'Wellefcher nach duerch d'Zäitmaschinne gaang an kruten eng kleng Stäerkung als Belounung, di se dann während deem kuerzen Trajet zréck bei d'Busser iessen konnten. Um 16.30 huet de Explo dunn en Enn fonnt an d Wellefcher goufen um Glacis erëm vun hiren Elteren ofgeholl.

Tschill





# Rapport « Lost 2016 »

Lost 2016

Owes um hallwer 10 hunn den Atra, Sam, Mika, Catherine, Adrien, Lara, Anne-Marie, Sarah, den Baloo an ech eis mol zu Mamer op den Wee gemaach. Insgesamt waren méi wei 30 Equipe dobäi. Mir kruten am Ufank schonn 2 Froebéi, een deen mir bis den nächsten Posten missten ausfällen an een groussen deen mir iwwert den ganzen Wee ausfällen missten. Ënnerwee sinn mir dann laanscht verschidden Posten komm op deenen mir dunn och émmer en neien Froebou kruten. Op deem éischten z.B. ass eisem Här Gruppechef seng Gesangskonscht op d'Prouf gestallt ginn. Op engem aneren Posten hunn mir dann sou schnell wéi méiglech en Zelt missten opriichten oder verschidden Zorten Jus schmaachen an erkennen. Well mir jo schlisslech d'Streberscouten sinn, hunn mir natierlech op all Posten voll an ganz geglanzt. Vläicht louch et just un eisen Talenter, vläicht awer och dorun, dass verschidden aner Gruppen é puer méi Promill am Blutt haten, mee mir waren bei all Spill fir bei. Fir d'Froebéi haten mir och némmen där allerschlausten dobäi, sou dass mir och hei vill richteg haten. Mir wëllen jo elo net ze arrogant ginn, mee d'Lions Bleus sinn eben zimlech gutt... Mam Balou fir, sinn mir bis hallwer 5 moies déi ongefíer 11 km top motivéiert getréppelt. Wou mir dunn endlech ukomm waren waren mir schonn op Platz 1, et waren awer nach net all d'Gruppen ukomm. Natierlech sinn dunn och schonn erem é puer Kommentare doríwwer komm wat mir fir Streberscouten sinn, mee stolz drop! Am groussen Ganzen huet den ganzen Owend/Nuecht vill Spaass gemaach an ech géif émmer rem matgoen. An jo natierlech hunn mir gewonnen, an kennen elo op Käschten vun den Mamer Wiselen Keelen spiller goen.

Lena



 Lost in the Darkness  
5. Mai um 21:21 ·

D'Gewënner vum Nuetsrallye "Lost in the Darkness", Editioun 15, stinn fest!

1. Platz : Lions Bleus (75€ Kleng Gemeng)
2. Platz : Crazy Horst (60€ Pulcinella)
3. Platz : Déi Nouspelter (6x Kino)

Félicitatiounen an Merci u jideree fir d'Matmachen! Déi offiziell Lescht mat all den Equipen fannt dir geschwenn op [www.lost.lu](http://www.lost.lu)  
Bis hoffentlech nächst Joer!

[Gefällt mir](#) [Kommentieren](#) [Teilen](#) [Zurück](#)

# RAPPORT Pëngschtcamp

Grupp

**Daag 1** D'Scouten an d'Explorer hun sech moies ob der Gare getraff, wou sie vun hieren Cheffend d'Messagen kritt hun. Vun do aus hun sie den Zuch geholl an sech ob den Wee gemach fir ob den Misärshaff. Währenddessen hun Cheffen schon ugefang d'Campplatz obzeriechten. No enger Zeit sin dun d'Scouten an d'Explorer unkomm an hun sech un d'Arbecht gemach d'Zelter fir sech an fir d'Wellef obzeriechten. Fir d'Mettesiessen gouf et dun fir jiddereen Baguette mat lauter leckeren Saachen fir drob. Nodem den Camp dann sou gudd wei obgeriecht war, sin och schon Wellef mat hieren Cheffen angetraff, sie haaten sech nemlech Mettes ob der Gare getraff an hun ennerwee fir ob den Misräshaff en klengen piste poste gemach. Mat den Wellef goufen dun 4 Patrullen zesummen gestallt. Den eichten Daag vum Camp ass dun och relativ roueg oofgelaaf, d'Explorer an d'Scouten hun den Wellef nach gewissen wei een hiert Zelt obriecht an hun schon ugefangen hier Constructioun obzeriechten. Dun gouf et Owes nach eng lecker obgewiemten Bolognese, dei och jidderengem ganz gudd geschmaacht huet. No dem lessen huet dun beim Feier d'Ouverture vum Camp ugefangen. D'Kanner hun an hieren Patrullen d'Spill "1,2 oder 3" gespillt. Dest Spill haat awer keen eenzelnen Gewenner well all Patrull gewonnen: Nom Spill goufen d'Kanner dun an Bett gescheckt an den eichten Daag vum Camp war domat eriwer.

**Daag 2** D'Kanner sin Moies vun hieren Cheffen erwesch gin an hun dun mat den Explorer an Scouten Frühspor gemach, während d'Cheffen den Kaffi an d'Schmieren prepareiert hun. Nom Frühstück goufen d'Kanner obgefuedert sech en klengen Rucksak zesummen ze paaken well sie sech geschwenn ob den Wee geifen maan fir ob den Piste Poste. Während Kanner um Piste Poste an ennerwee fir ob d'Mettegplatz waren, hun sech 2-3 Cheffen em d'Mettegiessen gekemmert. Wou dun all Patrull ob der Mettegplatz ukomm ass, gouf d'lessen mat den Cheffen ob och dohin gefouert. Et gouf fier jiddereen eng lecker Gromperenzalot mat engem Wupp dabei. No dem lessen ass et dun och rem weider gangen mam Piste Poste, den och um Wee loung fir rem zereck ob den Misärshaff. Geingt speidem Nometten sin Patrullen dun och all rem ob der Campplatz ukomm an haaten bessen temps libre an der se un hierer Constructioun weider bauen konnten. Owes gouf et dun en gudden Poulet curry mat Spätzelen an lebessen mat Wuerzelen, d'Explorer an d'Scouten hun sech och lo dei Keier for d'eicht um Camp gekacht. Nom lessen huet nach all Patrull seier hier Charge gemach an dun ass et och schon ob d'Nuetsspill gangen. D'Cheffen hun mat den Kanner zesummen d'Schmugglerspill gespillt, wat och jidderengem ganz gudd gefall huet.



# RAPPORT Pëngschtcamp


Grupp

No dem Nuetsspill sin d'Kanner dun an d'bett gescheckt gin an den zweeten Daag vum Camp war heimat och eriwer.

**Daag 3** D'Cheffen hun d'Kanner Moies waakreg gemach an d'Scouten an d'Explorer hun rem mat hinnen den Frühspor gemach. No dem Frühspor gouf et dun fir jiddereen Kellogs an Müsli. Nom Frühstück hun Patrullen sech dun och rem em hier Chargen gekemmert. No den Chargen ass et mat enger Bastel weidergangen, d'Kanner konnten Jongleierbäll an en Sprangseel bastelen. Dei Kanner wou seier ferdeg waren mat hierer Bastel hun sech diefen bessen selwer beschäftegen. Fir d'Mettegiessen gouf gegrillt an jiddereen kruut en Tühringer an eng Mettwurscht. No dem lessen huet sech dun rem all Patrull un hier Charge gemach an no den Chargen ass et mat engem Spill weidergangen, d'Kanner goufen fir dest Spill och rem ob hier Patrull obgedeelt. D'Cheffen hun sech ob hier Posten gesaat (dei ob der Campplatz verdeelt waren) an sou konnt et dann och lass goen mam Spill. Nom Spill hun Kanner mat den Cheffen Volleyball gespielt an fir dei wou keng loscht ob Volleyball haaten, haaten bessen temps libre. Geingter Owend ass et dun och rem lass gangen mam kachen an d'Explorer an d'Scouten kruuten hier Ingrédienten fir eng lecker Baurenomlette an Tomatenzalot. Nom lessen ass et weidergangen mat den Chargen, dei och seier gemach waren. No den Chargen huet sech dun jiddereen bei d'Feier gesaat an et gouf nach zesummen gesongen. Den leschten Owend ass dun och mei gemittlech ausgeklongen gin an d'kanner dueften bessen mei lang obbleiwen.

**Daag 4** D'Kanner goufen och um leschten Daag rem vun den Cheffen erwescht an hun mat den Explorer an Scouten den Frühspor gemach. No dem Frühspor ass et wei gewinnt mam Frühstück weidergangen. Den Moien gouf et fir jiddereen Pain perdu an nach den rescht Müsli. Nom Frühstück sin Chargen gemach gin an dun ass et och schon lass gangen mam oofriechten vun der Campplatz. D'Kanner hun hier Zelter an d'Constructioun oofgeriecht während d'Cheffen sech em Kichen an d'Cheffenzelt gekemmert hun. Fir d'Mettesiessen gouf et dun fir jiddereen en gudden Tieger Ebly, desen hun sech d'Explorer an d'Scouten awer net mei missen selwer kachen. No dem lessen ass nach seier gespultt gin, den rescht vun den Saachen sin angepaak gin an dun war et och schon Zeit fir eng Chaine des adieux. No der Chaine des adieux ass den greissstendeel vun den Kanner oofgeholl gin an dei aaner sin vun den Cheffen mat bei d'Home geholl gin, wou dun och hier Eltern ob sie gewaart hun. Sou ass dun och rem en flotten Pengschtcamp ob en Enn gangen. :)

FOXY



# RAPPORT Disney WE

Beaver(BV)

## 1. Dag

Um 2. Auer hunn d'Elteren d'Kanner an hieren Disneykostümer bei den Home bruecht. Den Fändel gouff eropgezunn am Carree an dono gouff dat grousst Schwanzklappen gemach.

D'Beaver hun d'Aufgab fir iwert desen Weekend vill Aktiviteiten an hallengen ze erfellen fir d'Farwen aus der Disneywelt nees eremzfannen. Nom Schwanzklappen gouffen 2 Patroullen gemach, d'Bambien an d'Dumboen. Des Patroullen gouffen direkt beim gpusse Gänsespill benotzt. D'Beaver hu missen vill roen ronderem d'Disneycharacteren an Filmer beänferen fir un d'Ziel ze kommen. Speider gouff et eng kleng Collatioun an direkt dono gouff den Mike aus Monster AG aus apier Maché gebastelt. Mir hun alt d'Balloen opgebloss an mat der Zeitung an mam Päsch den Ballon befeillt. No puer klenge Spiller gouff et och schon zu Owensiessen. Et gouff Pakalu an d'Kanner haaten decken Honger.

Nom Owendiessen hun mir nach en Nuetsspill gespillet, wou d'Beaver hu missen Farfflecken am deischteren Home eremfannen. Si missten mat hieren Täscheluiten ganz lues sech fochtbewegen, well d'Cheffen sie och oofklappen konnten. Nom Nuetspill kruten zwee Beaver beim Lagerfeier hieren Foulard iweerescht nodems si hiert Verspriechen gemach hun. Nom Nuetspill ass et ab an d'Bett gaang.



## 2. Dag


Moies huet eisen Dag un 8 Auer ungefaang wou mer dann zesummen gefrühstückt hunn. Dono hun mer eist Papier Maché Monster ugemolt, Hänn an Feiss gebastelt an nees dreschenen geloos. Teschenduech hun mer kleng Spiller bannen an baussen gespillet. Zu Metteg gouff et Omelette mat Gromperen an lauter Gemeis. Nodems mer gutt saat waren, hun mer eis Chargen erfeilt an dunn hun mir nach eng kleng Bastel gemach. D'Beaver hun hieren egenen Mickey aus Stremp an Reis gebastelt.



Speider war awer leider schon Zeit fir den Rucksak ze huelen an sech op den Wee ze maan. Um Punkt 3 Auer waren all Elteren do an d'Beaver sinn midd heemgaang.



Spitzki




# Rapport Beaver Fun Day Beaver

Moies frei sinn d'Beaver vun der Gare aus bis an de Baambesch gefuer, wou den diesjährige Beaverfunday stattfonnt huet. Wie mir bis do ukomm waren, gouf eis och direkt e klengen Theateroptrett virgespilt deen eis kloer gemaach huet, dass een och ouni Handy Spaass kann hunn. Dunn sinn d'Beaver bis Mëttes vu Posten zu Poste geträppelt, wou se èmmer misste puer kniweleg Aufgabe léisen, hire Sportsgeescht ènner beweis stellen oder einfach motivéiert bei engem Spill matmaachen. Mëttes hunn mer da gutt giess an dunn goung et nom nächsten Theaterstéck och direkt mat de Poste weider. Wéi déi da bis fäerdegen waren, krute mer all nach e Kichelchen a Form vun engem Foulard an e Badge vum Beaverfunday a sinn dunn Heem gaangen.



# Dem LEO LEIWF seng Sait

Leo Léiw



1



2



3



4

**DU wolls schon ömmer wëssen wèi  
den Fréndschaf-  
knuet geet?**




**Ma dann kuck der daat hei  
mol gudd un :)**


**& ECH wënschen der  
vill Spaass heimadder  
um Summercamp ...**



5



6



# Shop Lions Bleus

LBB-Shop

Séchert Ierch elo den

## Starter-Pack\_Lions Bleus

### De Präiss schléit an !!!

Alles waats du brauchs vir e gudden Lions Bleus ze sinn ass hei dran! An daat ganzt an enger spezieller Offer elo némmen an dem LBB-Shop vum Vertrauen.



LBB-Pullover



Eenzelprijs

25 €



LBB-T-Shirt



Eenzelprijs

12 €



LBB-100-Becher



Eenzelprijs

16 €



LBB-Kaap/Mutz




Eenzelprijs

12

**TOTAL**

~~65 €~~

**55 €**



#### Aaner Produkt'en am LBB-Shop:

LBB-Mutz	12 €
Foulard	5 €
Knuet	4,5 €
Vademecum (Wöllef)	10 €
Scoutsbichelchen	10 €
De Jaizert	10 €
LBB-Badge	4 €
<b>an nach VILLES vun 100 Joér LBB</b> (T-shirten/Débardeur/Badge...)	

> WÉINI ass den BUTTIK op ??? > vun 15:45-16:15 > **18/06/16, 02/07/16, 24/09/16...**

# Lions Bleus NEWS

## Lions Bleus News



### MERCI MERCI MERCI

fir ärt Engagement beim FNEL Projet „ZILLEN-VERKAAF“ fir den Nepal virun allem also un:

- > Lèit dëi Zillen verkaaf hun,
- > Lèit dëi der kaaf hun,
- > oder een DON gemeet hun ...



### !!! OPRUFF !!!

Denk drun **Photoen** eranzeginn (egal op aal oder nei) fir dat mer e flotten LionsBleus-Photoarchive kënnen opbauen. Schéckt dës ganz einfach **op** ([foto@lionsbleus.lu](mailto:foto@lionsbleus.lu))

### POSTKAARTEN fir LBB

Fiirs du demnächst an Vakanz... an wëlls den Lions Bleus gär eng flott Postkaart schècken?

Dann zèck nüt laang an schèck së op:

**Les Lions Bleus BP1026 L-1010 Luxembourg**

Mir gëifen eis jidderfalls freen an së an der nächster Wandrous publizéieren.

Also e Grond mèi fir eng Vakanz :):):)



# WOSM & fnel NEWS

## WOSM&fnel News



**FNEL SCOUTS-SHOP**

**Nouv.Adresse:**  
61A, rue de Trèves  
L-2630 Cents  
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

**17:00 - 19:00**

Den ScoutsShop ass **ëmmer** **Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanznen!!!

### ALLGEMENG Datumer:

10/06/2016	FNEL Charity Dîner	10/07/2016	POW-WOW (Wikinger)(bei den GS)
11/06/2016	FNEL Sensibilisationsdaag NEPAL	16/07-23/8/16	NEPAL-Camp
15/06/2016	CoGro	15/09/2016	AG FNEL
18-19/06/2016	Fest vun der Natur (Kockelscheuer)	18/09/2016	Réunion des chefs FNEL
22/06/2016	Faackelzuch	02-12/08/2017	FNEL Camp fédéral 2017 (D)
30/06/2016	Federal'it	23/07-04/8/17	World Scout Moot '17 (Island)
02/07/2016	RO Volleyball (bei den WS)	15/07/2017	Unmelldungsfrist Moot '17

# Lions Bleus NEWS

är Postkaarten



TECHUANA  
International Scout and Guide Centre

PRIORITY



Gruß Gott aus Techuana

Hans  
Hans  
Sofia  
Tania

Nikola  
Suzanne

Bob  
Karma  
Sam  
Lotte  
Carina  
Daniel  
Maja  
Claudia

Les Lions Bleus  
Scouts et Guides FNEL  
61, rue de Pulvermühl  
L-2356 Luxembourg



Rio Douro  
- Porto - Portugal

Bom Dia  
aus  
Portugal  
Claire  
claire

Bilhete Postal



Les Lions Bleus  
Scouts et Guides FNEL  
61, rue de Pulvermühl  
L-2356 Luxembourg



RÖMA

Ciao!  
D'Prinzessinnun (183)  
schecken ee sommern,  
lesseren, italienischon,  
wuehngenden Boos um  
Röüm! 60 km am 3 Dagi,  
am diaat eurni ze machen.

Postkarte von ROMA - ROMA - ROMA  
Postkarte von ROMA - ROMA - ROMA

Les Lions Bleus Bormarie

B.P. 1026

L-1016 Luxembourg


6-D. de Luxembourg

POSTFACH MILLENIUM 611  
LUXEMBOURG  
www.poste-luxembourg.lu  
www.luxemburgpost.com

LUXEMBOURG  
Schön  
Grüße aus  
aus Pfaff  
Claire



Les Lions Bleus  
Scouts et Guides FNEL  
61, rue de Pulvermühl  
L-2356 Luxembourg



CLERVAUX

# **et schéngt**

**et schéngt**

- 01) dat e BV onbedingt bei den Scouten an der Versammlung wollt mat maan an bëssi naas wollt ginn.
- 02) wèi wann den BeaverOuschterCamp anscheinend richteg spannend & ustrengend gewierscht wier.
- 03) dat den Bagheera lo an deenen nächsten Wochen vill ze dinn & ze lèieren hätt.
- 04) daten d'Lions Bleus rëm présent waren mat enger CH-Ekipp um Nuetsrallye ,Lost in the Darkness'
- 05) wèi wann eis Wöllef mat vill aaneren Wöllef vun der FNEL den neien Jungelbuchfilm kucken waren.
- 06) wèi wann ét an der letzter Truppenversammlung endlech mol nees emol dèck waarm war.
- 07) wèi wann d'Wöllef um OuschterWeekend hun missten en Zaubertrank drënken fir staark ze ginn.
- 08) wèi wann ét den Daach vum Wöllefchers-Explo énnert den Super-Jempen nüt extra waarm wor.
- 09) wèi wann um PC um Misärshaff een klengt Party-Boot op der Sauer énnerwee gewierscht wier.
- 10) wèi wann dèi jonk Cheffen hier Gefierer nach nüt ganz am Gréff hätten.
- 11) Dat Tamia&Tahr orientierungslos duerch de Pall-Center gelaaf sinn fir Baguette ze kaafen ze goën.
- 12) wèi wann den dësjähregen Pëngschtcamp ganz schmuel besaat wor vun eisen aktiven Memberen 9
- 13) wèi wann eng vun eisen Beaver-Cheftâinen lo endlech prett ass fir sëng Unmelldung bei GNTM.
- 14) wèi wann mir en neien Misärshaff-Rekord am ,Weivill Schwammwesten iwwerenaaner undoën' hun.
- 15) dat ét nach émmer Lèit soll ginn dèi hier Cotisation fir dës Saison nach nüt bezuelt hun.
- 16) dat de Fuuss e richteg Fuuss wor an souzesoën op der Lauer louch bis Lèit aus dem Haus waren.
- 17) dat ét lo gläich just nach een knappen Mount ass ier ét op den BATAVIA lass geet an Holland.
- 18) wèi wann bei der NEPAL-ZillenverkaafsAktion d'Gruppen richtegt Verkaafstalent bewisen hun.
- 19) dat den Enn vum Scoutsjoër demnächst usteet an eben zum Schluss na puer flott Aktivitéite unstinn.
- 20) wèi wann am nächsten Scoutsjoër am Summer zwee flott Camp'en um Programm wärten stoën.

# **et schéngt nüt némmer**

**et schéngt nüt némmer**

- 01) wèi wann dem Tamia e Loftballon an der Hand geplatzt ass 9 an sou de Wonsch awer erfëllt gouf ??
- 02) dat dëst bewisen ginn wier well d'Halschend vun den Kanner geschloof huet um Heemwee fir zrëck.
- 03) wèi wann hien matzen an de Premiers-Examen ass an mir him alleguer vill Glèck wënschen heibai???
- 04) wèi wann Sie dës kèier een richteg gudden Laaf haaten an sou locker op dèi 1.Plaatz komm wieren.
- 05) dat hinnen d'Nei-Verfilmung besser gefall huet, wèi eis selwer gezielten Dschungelbuch-Geschicht.
- 06) dat d'Troupe dofir och Gaz ginn huet dobaussen an eppes naasses dogéint gemaach hätt.
- 07) dat deen awer nüt all Zauberlehrling immens gudd geschmaacht hätt 9
- 08) dat een séch och bei 14 Grad op der Sich nom Kachkéis kann verbrennen wann een ét drop unleet.
- 09) dat daat eis Wöllef, Scouten & Explorer mat deem Groove gudd op dèi aaner Säit bruecht hätt.
- 10) dat Sie d'Funktiounen vun verschiddenen Knäppercher/Hiewelen nach nüt ganz kloér wieren.
- 11) dat Sie der dun baussen beim Bäcker kaafe wollten, dës Sie awer nees an de Buttik geschèckt hun.
- 12) dat dëst awer absolut guer näisch un der Stëmmung geännert huet, well dèi wor TOP i TOP :
- 13) dat mir sëng Modelmappe nach kierzlech mat kreative Photoen aktualiséiert hun an së lo parat lèit.
- 14) dat Tamia (mat Hëllef vum Tameng&Eric) um PC dèi nei Bestmarke vun 7 Schwammwesten opgesaat huet.
- 15) wèi wann den Härr Caissier séch géif freen wann dèi concernèiert dëst zügeg kèinten maachen.
- 16) wèi wann hien nom Motto ,die Luft is rein' eragestermt an 20Hënger an 1Gäns geholl huet 9 Sauféih
- 17) wèi wann Lions Bleus am Ganzen zu 21, zesummen mat den DD an MW eng flott Zait wärten hun.
- 18) dat dëst Engagement vun den Kanner belount gouf an bis dato eng 10.200Euro erankomm sinn.
- 19) wèi wann der awer och drun musst denken ärch schnellsten heifir un- oder oof- ze mellen !!!
- 20) dat FNEL op de Camp Fédéral an Däitschland & WOSM op den World Scout Moot an Island anlued.

# **les amis des Lions Bleus**

**amis LBB**

Meyer Arlette, Majerus Tina, Thull Kyu, Mme Fay-Bisdorf, Famille Kremer-Braun, Sinner Robert, Anonyme, Majerus Patrick, Famille Schaack-Hirsch Albert, Famille Jung-Thomas, Tunsch Gerard, Sieradzki Peggy, Federmeyer Berthe, Grün Joe, Rohmer Kevin, Heinen Gerard, Famille Reiners, Thibo Charles, Schintgen Claude, Famille Mchale Evelyne-Drennan, Bauler Fränk, Goebbelz Joanne, Elvinger Marc ...

# 3 Méintprogramm

# 3 Méintprogramm

juni'16		juli'16		september'16	
Më	1	Permanence	Fr	1	
Do	2		Sa	2	LÉIWEFEST (Afrika)
Fr	3		Sa	3	
Sa	4	Beaver / Wöllef / Troupe / Explorer	Me	4	
Sa	5		Dë	5	
Me	6		Më	6	Permanence
Dë	7		Do	7	
Më	8	Permanence	Fr	8	
Do	9		Sa	9	
Fr	10		Sa	10	POW-WOW fir Jiddereen
Sa	11	Beaver / Wöllef / Troupe / Explorer	Me	11	
Sa	12		Dë	12	
Me	13		Më	13	
Dë	14		Do	14	
Më	15	Permanence	Fr	15	
Do	16	Comité	Sa	16	
Fr	17		Sa	17	
Sa	18	Beaver / Patrull / Explorer	Me	18	
Sa	19	LX Sortie	Dë	19	
Me	20		Më	20	
Dë	21		Do	21	
Më	22	FAACKELZUCH LBB Grillstand (Metzler Kaiffer)	Fr	22	
Do	23		Sa	23	BATAVIA 2016
Fr	24		Sa	24	BATAVIA 2016
Sa	25	Beaver / Wöllef / Troupe / Unitèit	Me	25	BATAVIA 2016
Sa	26		Dë	26	BATAVIA 2016
Me	27		Më	27	BATAVIA 2016
Dë	28		Do	28	BATAVIA 2016
Më	29	Permanence	Fr	29	BATAVIA 2016
Do	30		Sa	30	BATAVIA 2016
			Sa	31	BATAVIA 2016 23.07.2016 - 6.08.2016
					GR-MONTEE 1.-2.10.16

# Allerläscht Wandrous - Säit

[www.lionsbleus.lu](http://www.lionsbleus.lu)



fnel  
scouts & guides

Cool, ech kreien emmer sou Idéen  
wann ech d'Wandrous liesen, an du?



\* THAT'S ALL FOLKS